ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Guy Weber
Chefredakter vun RTL
45, bd Pierre Frieden
L-1543 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. September 2021

Betrëfft: Reportagen op RTL iwwer d'Chambersdebatten am Kontext vun der COVID-Pandemie

Oppene Bréif

Här Chefredakter,

Fir d'éischt wëlle mir Iech dofir Merci soen, datt RTL där wichteger Thematik vun der sanitärer Situatioun ronderëm de COVID vill Plaz gëtt. Et ass eis awer opgefall, datt RTL dobäi reegelméisseg d'Positioune vun der ADR, déi jo vum Här Deputéierte Jeff Engelen an der Chamber vertruede ginn, a senge Reportagen iwwert d'COVID-Debatte mat kengem Wuert ernimmt.

Dacks ginn op RTL all Parteie mat hire Positioune virgestallt – mat der Ausnam ebe vun der ADR. Elo ass et eis Suerg, datt d'Glafwierdegkeet an déi politesch Neutralitéit vun RTL onbedéngt mussen erhale bleiwen. An Zäite vu Selbstzensur duerch "vorauseilende Gehorsam", politescher Korrektheet a "cancel culture" constatéiere mir e rapide Vertrauensverloscht an d'Medien an halen dat fir eng ongläcklech Entwécklung, där mir all sollten entgéintsteieren. Dowéinst ass et och wichteg, datt d'Medie méiglechst objektiv, onparteiesch a komplett informéieren an op déi Manéier deene berechtegte Qualitéitsusprech vun de Leit gerecht ginn.

Et ass och net esou, datt d'ADR datselwecht géing soe wéi déi aner Parteien an dowéinst e repetitive Charakter vun eisen Aussoen hir besonnesch Ervirhiewung kéint iwwerflësseg erschénge loossen. Et ass am Géigendeel esou, datt eis Positioune vun Interessi sinn, well si sech ebe vun deene vun anere Parteie fundamental ënnerscheeden. Keng Partei trëtt zum Beispill esou resolut fir de Respekt vun eise konstitutionelle Grondrechter a wéi d'ADR. Eis Iwwerzeegunge sinn also en Ausdrock vun engem demokratesche Pluralismus deen eis Gesellschaft brauch an dee si éiert.

Aus all deene Grënn biede mir Iech dowéinst an Äre Reportagen och d'Positioune vun der ADR gläichberechtegt an objektiv duerzestellen.

Mat beschte Gréiss,

Jean Schoos
Parteipresident

Fernand Kartheiser
Fraktiounspresident

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+352) 463742
ADR – Parti politique 11, Biirkelterstrooss L-6552 Berdorf Tel.: (+352) 26203706